1-2021-0-R-7113-01 (n°3862)

Depot : Jeff Engelen

ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Tratten, de 4. Mee 2022

# MOTIOUN

D'Chamber vun den Deputéierten:

stellt fest, datt

- eng radiodiagnostesch Praxis, de Centre Médical Potaschbierg, mat IRM, Scanner a Röntgenapparat mat schaffen ugefaangen huet;
- d'CNS d'Rechnunge vun deene betraffene Patienten net rembourséiert, wann si eng deementspriechend Déngschtleeschtung am Centre Médical Potaschbierg an Usproch huelen;
- och den Honoraire fir de Radiolog am betraffene Centre Médical vun der CNS net rembourséiert gëtt;
- dës Situatioun däitlech méi ongënschteg ass, wéi déi, déi fir eng analog Behandlung am EU-Ausland gëllt an erkennt doran d'Gefor vun enger Diskriminéierung vun enger Lëtzebuerger Entreprise;

fuerdert d'Regierung op,

- d'Fro vun de Remboursementer, Konventiounen an Tariffer, déi fir esou eng Praxis solle gëllen, esou séier wéi méiglech ze klären;
- datt bis d'Fro vum Remboursement an all aner Parametere gekläert sinn, déi betraffe Patiente wéinstens esou rembourséiert ginn, ewéi dat fir analog Déngschtleeschtungen an engem vun eisen Nopeschlänner de Fall wär.

Jeff Engelen
Deputéierten